LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 21 OCT. 2021

**Objet : Question parlementaire n° 4966 du 15 septembre 2021 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant les "Autorisations des hélicoptères de la Police grand-ducale"**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri KOX et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et de Travaux publics François BAUSCH à la question parlementaire n° 4966 du 5 septembre 2021 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER**

D'Helikopteren déi d'Police vum Verdeedegungsministère zur Verfügung gestallt kritt, kënne am Prinzip fir all Missioune vun der Police agesat ginn. Aktuell sinn dës Helikopteren awer zivil ugemellt. D'Police muss sech also un déi applicabel Reglementatioun halen, notamment déi vun der EASA (European Union Aviation Safety Agency). Heiduerch ass och d'Droe vu Waffen aktuell net méiglech.

De Gesetzesprojet n° 7680 ass den éischten a wichtegste Schratt an d'Richung vun der néideger legaler Basis well en eng « aviation étatique » instauréiert, déi net ënnert déi europäesch Restrictioune vun der ziviler Aviatioun fällt. De Minister fir bannenzeg Sécherheet an de Minister fir Mobilitéit stinn och am Kontakt fir ënnert der Leedung vun der Direction de l'aviation civile e règlement grand-ducal auszeschaffen deen déi Police-spezifesch Detailer geréiert, wat dann der Police och d'Droe vu Waffe erméigleche wäert. Een Aarbechtsgrupp kennt deemnächst zesumme fir déi Froen ze behandelen

Fir Asätz vum Helikopter am Ausland ass zwéngend eng Demande vun dem jeeweilege Land néideg, dës Asätz ginn da prinzipiell och ouni finanziell Géigeleeschtung duerchgefouert. Falls awer muss op der Plaz getankt ginn ass et natierlech üblech dass dat Land wat gehollef kritt dës Käschten deckt.

Zu Lëtzebuerg gouf säit d'Police déi nei H145M Helikopteren huet net op Helikopteren aus dem Ausland zeréck gegraff fir Eeschtasätz. Well de « support aérien de la Police fédérale belge » deen déi belsch USP an hiren Interventioune flitt eng grouss Expertise an dësem Domaine huet, organiséiert d'USP säit e puer Joer hei am Land Trainingen mat hinnen.

Vun Däitschland ass a béide Fäll keng Demande fir Hëllef bei der Police gemaach ginn. Doriwwer eraus falen Rettungsmissiounen och net primär ënner d'Attributioune vun der Police.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu